Cercle de Réflexion et d'Initiative

Vivi Hommel asbl

# „Stëmme fir de Fridden“

An Zäite wéi haut ass et wichteg dat Stëmme fir de Fridden net verluer ginn.

Den Engagement vum **Vivi Hommel a Michel Schaack** bleift fir de Cercle Vivi Hommel eng Erausfuerderung op hirem Wee weider ze goen.

Mir wëllen un d'Vivi a de Michel erënneren andeems mer hiren Engagement an dësen onsécheren Zäiten an der Aktualitéit definéiere.

**Donneschdes de 25. September um 18Auer30 an der Erwuessebildung 5, avenue Marie-Thérèse, 2132 Lëtzebuerg (Centre Convict).**

Mat Interventioune vum Henry Welschbillig, Jean-Louis Zeien, Magali Paulus, Patrick Krãnipî Godar, Céline Eischen a Raymond Becker.

Musekaleschen Encadrement vum Sabine Kurt a Sergio Riolino.

Umeldung bis den 23. September ënnert cerclevivihommel@gmail.com erwënscht.



**Vivi Hommel**
(1949-1986)
Diplompädagogin



**Michel Schaack**
(1942-2024)
Schoulmeeschter

Villes huet déi zwee aussergewéinlech Mënschen matenee verbonnen.

Als engagéiert Chrëschten, ware si iwwerzeecht vun der Wichtegkeet fir eng Erzéiung zum Fridden, vun engem oppenen Dialog an der Gesellschaft, vun der sozialer Gerechtegkeet wäit iwwert eis Grenzen eraus, vun der Méiglechkeet Konflikter gewaltlos ze léisen, vum Protest géint déi wansinneg Rëschtungsspiral.

Solidaritéit an Asaz fir hir Matmënsche ware fir si keng eidel Wieder.

*Häerzlech, riichteraus, voller Empathie,*
*ëmmer bereet aneren ze hëllefen.*

**www.cerclevivihommel.lu**